ganz Regierung da juristesch, politesch kéinte responsabel gemaach gi fir en Arrêt an enger Matière, déi jo keng Science exacte ass.

Mir hunn als bescheiden, eminent Juristen awer och zum Beispill ee ganze Statsrot op eiser Säit. Ëmmerhin! Mir lauschtere jo elo hei net kengem no. Mir maache jo net elo just, wat mir zwee fannen. Mir lauschteren hei an dëser Matière der Commission juridique no. Mir lauschteren...

(Interruption)

Mir lauschteren dem Statsrot och no. Dofir muss ech éierlech soen: Egal wéi dat heiten eng Kéier ausgeet, jiddwereen huet hei seng Voies de recours, jiddwereen huet seng Rechter, déi e kann applizéieren. A mir sinn do, fir déi ze verteidegen. A soss guer näischt! An dat wäerte mir och maachen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Parole après ministre.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, Dir hutt jiddwer Zäit d'Méiglechkeet, fir Parole après ministre ze froen.

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Voilà, ech géif awer...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ech brauch Iech net ze soen...

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Ech wéilt dem Minister Folgendes soen: E mécht hei erëm eng Confusioun zwëschent dem Recours en réformation an dem Recours en annulation. Nach eng Kéier, déi Drëttpersounen, an dorëm geet et, Här Minister, mussen e Recours en annulation hunn.

Ech zitéieren Iech just elo aus engem Artikel, net datt Der sot, dat wier eleng meng Meenung, aus engem Artikel vun engem eminenten Affekot, Jurist, dee viru Kuerzem zu där ganzer Problematik sech artikuléiert huet. Deen also genau dat seet, wat mir och soen.

Ech liesen Iech et vir: «L'approche retenue» - also déi, déi Dir hei zréckbehaalt, fir kee Recours en annulation ze maachen - «est finalement également une entorse au principe de base de la loi du 7 novembre 1996, qui a créé les juridictions administratives. Selon cette loi, qui, on se le rappellera, avait été introduite en droit luxembourgeois en tant que réaction à une condamnation du Luxembourg devant la Cour européenne des Droits de l'Homme, il y aurait devant les juridictions administratives, possibilité d'un recours contre strictement toute forme d'acte administratif émanant d'une autorité luxembourgeoise, en cas de „violation de la loi ou des formes destinées à protéger les intérêts privés".» A lauschtert gutt no: «Il y aura à l'avenir une exception à ce principe.»

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, selbstverständlech, Här Minister.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Ech widderhuele mech vläicht, mä ech soen nach eng Kéier, an deem dote Fall hunn déi Leit e Recours um Fong am...

(Interruption)

Mä dach, Här Mosar. Dat ass awer...

M. Laurent Mosar *(CSV)*.- Et geet hei ëm de Recours en annulation an net ëm de Recours en réformation. Si hunn e Recours en réformation, mä kee Recours en annulation!

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Dee Mechanismus, deen hei a Plaz gesat gëtt - elo kann ee mat deem fundamental net zefridde sinn, fundamental net glécklech sinn -, mä e funktionéiert nun emol esou, dass den État requérant, deen hei sech zu Lëtzebuerg informéiert iwwert dat, wat seng Bierger eventuell hei hunn, dat gëtt am État requérant au fond vun A bis Z traitéiert. Dat ass awer nun emol de Mechanismus, deen hei a Plaz gesat gëtt, fir dass déi Zort vu Steierflucht, vu Steierbedruch an Zukunft ka bekämpft ginn. Dat gëtt heimadder méiglech. Wann een dat als Mechanismus fundamental a Fro stellt, ass een eigentlech fundamental mam Mechanismus, deen a Plaz gesat soll ginn, net averstanen.

D'Regierung ass awer der Meenung, dass dee wichteg ass. An dofir ënnerstëtze mer deen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an ech géif de Vote iwwert den Ensembel vum Projet 6680 lancéieren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6680 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung huet ugefaangen. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss. De Projet ass mat 32 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen an 23 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6680 est adopté par 32 voix pour, 3 voix contre et 25 abstentions.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) et Laurent Zeimet;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

Plusieurs voix.- Jo.

D'autres voix.- Neen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Hätt Der gär eng elektronesch Ofstëmmung?

(Négation)

Ech ginn dervun aus, dass mer d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote heimat hunn.

13. Ordre du jour (suite)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt Iech proposéieren, dass mer mat den Diskussiounen iwwert déi zwee aner Projete weiderfueren. Well awer eng Rei vu Kolleegen offiziell Invitatiounen hu vum däitsche Bundespräsident, géif ech Iech proposéieren, net méi den Owend driwwer ofzestëmmen, mä dat muer en début de séance ze maachen.

(Brouhaha)

Wann Der do dermat d'accord sidd, wär ech Iech ganz dankbar.

Mä mir féieren d'Diskussiounen dann nach zum Schluss zu deenen zwee Projeten, wou d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht ginn ass. Dat ass fir d'Éischt de Projet...

(Interruption)

Mir kënnen dat nach zesummen ofmaachen. Mä mir stëmme jiddefalls muer iwwert déi Projeten of. Mir maachen dat d'un commun accord, fir jiddweree kënnen an d'Lag ze setzen, fir hei ze sinn.

De Projet 6668 ass d'Direktiv iwwert d'Besteierung vun de Revenuen, déi duerch d'Spueren entstinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet déi honorabel Rapportrice, d'Madame Joëlle Elvinger.

14. 6668 - Projet de loi portant modification
1) de la loi modifiée du 21 juin 2005 transposant en droit luxembourgeois la directive 2003/48/CE du 3 juin 2003 du Conseil de l'Union européenne en matière de fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiement d'intérêts;
2) de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;
3) de la loi du 21 juin 2005 portant approbation des Accords conclus avec des territoires dépendants ou associés d'États membres de l'Union européenne relatifs à la fiscalité des revenus de l'épargne sous forme de paiements d'intérêts

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert deen ech Iech op dëser Plaz de Rapport maachen, ass den 18. Mäerz 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés huet de Gesetzesprojet de 24. Abrëll analyséiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 8. Mee ugeholl.

An der Sëtzung vun der Finanz- a Budgetskommissioun vum 27. Mee sinn ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet bestëmmt ginn. De Statsrot huet du säin Avis den 3. Juni finaliséiert an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet hiren Avis de 4. Juni festgehalen. D'Chambre des Métiers huet de proposéierte Gesetzestext den 11. Juni duerchgeholl.

Den 3. Juli huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi de Statsrot den 11. Juli a sengem Avis complémentaire analyséiert huet. D'Kommissioun huet dësen Avis de 14. Oktober duerchgekuckt an den 21. Oktober de Rapport zum Gesetzesprojet ugeholl.

Här President, de Gesetzesprojet, deen de Mëtteg um Ordre du jour steet, reit sech an eng Linn vu Gesetzestexter an - oder scho vill méi den Owend -, déi et eisem Land erlaben, seng Finanzplaz no de gängegen internationalen Normen opzestellen an domadder ze konsolidéieren.

D'Stabilitéit an d'Prévisibilitéit si Markenzeeche vun eiser Finanzplaz, gradesou wéi hir juristesch Sécherheet. Nëmmen d'Transparenz erlaabt et, d'Vertraue vun de wirtschaftlechen Acteuren ze gewannen an esou déi néideg Investissementer ze sécheren. Mir hu virdru schonn héieren, wéi wichteg en oppenen Ëmgang mat internationale Kriticken ass.

Beim Bankgeheimnis ass et net anescht. Schonn Enn vum leschte Joer huet eise Finanzminister senge Kolleege matgedeelt, dass mir eis engem automateschen Informatiounsaustausch vu Bankendonnéeën net verschléisse géifen. Wann d'Regierunge wëssen, wat wou ausbezuelt gëtt, dann dréit dat dozou bäi, e sougenannten „level playing field" ze schafen. Dat heescht, dass fir all Land déiselwecht Regele gëllen, an dat ass genau dat, wat mir och um internationalen Niveau wëllen.

De Projet de loi vun haut de Mëtteg beweist, dass Lëtzebuerg sech engagéiert huet, den automateschen Informatiounsaustausch weiderzedreiwen. Et geet hei ëm d'Aféiere vum automateschen Informatiounsaustausch iwwert d'Besteierung vun Zënsrevenuen op Basis vun enger Direktiv vum Conseil, där sougenannter „directive épargne" vum 3. Juni 2003. Hiren Numm kënnt doduerch, dass si virgesäit, dass Informatiounen iwwer Zënszuelungen, déi bei Spuerproduiten ufalen, automatesch an obligatoresch weidergeleet ginn, dëst vun Instituter, déi zu Lëtzebuerg etabléiert sinn an esou Paiementer u Clienten tätegen, déi hire Wunnsëtz an engem aneren europäesche Land hunn, also net zu Lëtzebuerg. Dëst erlaabt et, dass dës Leit esou besteiert ginn, wéi d'Gesetzer an hirem Residenzstat dat festhalen.

Fir et méi anschaulech duerzestellen, ginn ech Iech e Beispill: Wann eng Persoun, déi an der Belsch hire Wunnsëtz huet, e Kont zu Lëtzebuerg opmécht, fir hei hir Suen ze placéieren, da falen Zënsen un. Um Stéchdatum ginn déi dann op de Kont iwwerwisen, ouni dass de belsche Stat dovunner direkt eppes matkritt. Also muss et net sinn, dass dëse Revenu onbedéngt nom belsche Recht besteiert gëtt. Vum 1. Januar 2015 u wäerten dës Informatiounen dem belsche Stat awer duerch d'Bank matgedeelt ginn, soudass d'Besteierung virgeholl ka ginn.

Här President, d'Thema vun de Mëtteg ass e komplext an dofir géif ech gären e puer historesch Elementer opféieren, fir dëse Gesetzesprojet ze kontextualiséieren.

D'Gesetz vum 21. Juni 2005, wat mer heimat ofänneren, hat déi europäesch Direktiv vun 2003 - iwwert déi mer hei schwätzen - schonn ëmgesat, dunn allerdéngs ënner enger anerer Form. Wann déi meescht europäesch Länner den automateschen Informatiounsaustausch du schonn agefouert hunn, war et Éisträich, der Belsch a Lëtzebuerg erlaabt ginn, eng Iwwergangsléisung op d'Been ze setzen.

Et handelt sech heibäi ëm déi sougenannten „Quellesteier", d'„retenue à la source". Fir sécherzestellen, dass déi bezuelten Zënsen op déi eng oder déi aner Aart a Weis besteiert ginn, gouf dëse Mechanismus agefouert, bei deem esou ee Revenu „un der Source", dat heescht an deem Land, wou en ufält, besteiert gëtt.

Wann ech also zréck op mäi Beispill kommen, goufen d'Zënse vum belschen Awunner direkt hei zu Lëtzebuerg besteiert, dat zu engem Taux, deen iwwert d'Zäit bis op 35% geklommen ass. D'Recettë vun dëser Zort vu Besteierung sinn zu dräi Véirel an d'Land iwwerwise ginn, wou d'Residenz vun der Persoun war - a mengem Beispill war dat d'Belsch -, an ee Véirel konnte mir selwer behalen zu Lëtzebuerg. Wéi gesot, et war ëmmer gewosst, dass dëst nëmmen eng Iwwergangsléisung wier.

Elo wou d'Schwäiz awer och op de Wee gaangen ass vum automateschen Informatiounsaustausch, komme mir dem „level playing field" méi no. An anere Wierder: Elo gëtt et d'Situatioun, wou jiddweree sech un déiselwecht Spillregelen hält. Mir kréien also eng Situatioun, wou kee Land sech en onfairen Avantage verschafe kann.

D'Aart a Weis, wéi a wéi eng Informatioune genau ausgetosch ginn, ass an enger OCDE-Norm festgeluecht. Et handelt sech hei ëm déi sougenannten „Konventioun". An deene leschte Joren ass dës Konventioun ëmmer méi ugewannt ginn, soudass se am Moment d'Basis ass, no där den Informatiounsaustausch oflafe kann. Elo, wou kloer ass, dass jiddweree matmécht, a wou gewosst ass, dass mer ee gemeinsame Modell hunn, fir den automateschen Informatiounsaustausch duerchzeféieren, wäert den Iwwergangsregime vun der Retenue à la source ewechfalen.

Här President, d'Aféieren zu Lëtzebuerg vum automateschen Informatiounsaustausch bei d'Zënsbezuelungen op Spuerproduiten ass verbonne mat enger Rei Upassunge vun eisen nationale Gesetzer. Ech ginn op dëser Plaz elo net op dës dach méi technesch Froen an, well de schréftleche Rapport dës Upassunge gutt zesummefaasst. Wat mer méi wichteg erschéngt, ass, fir ze widderhuelen, dass dës Direktiv näischt un der Situatioun vu Leit ännert, déi hire Wunnsëtz zu Lëtzebuerg hunn.

Här President, d'Ëmsetze vun der Directive épargne steet eisem Land gutt zu Gesiicht a weist, dass Lëtzebuerg sech un international Standarden hält.

Ech wëll dann och dem Finanzminister a senge Mataarbechter souwéi och dem Direkter vun der Steierverwaltung Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Parlament, awer och der Sekretärin vun der Finanzkommissioun, dem Caroline Guezennec, an eise Mataarbechter aus der Fraktioun Merci fir déi gutt Redaktioun vum Rapport.

A well mir de virleiende Gesetzestext gutt fannen a wierklech iwwerzeegt dovu sinn, bréngen ech dann och hei den Accord vun der liberaler Fraktioun zum virleienden Text.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madame Elvinger. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech félicitéieren der Madame Elvinger fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport. Mir schafen eigentlech haut zu später Stunde d'Bankgeheimnis of fir Netrésidenten zu Lëtzebuerg, dat an engem Modèle de base, an där Ambiance, wéi mer se elo zu där méi spéider Stonn an der Chamber kennen.

Eigentlech gëtt d'Quellesteier - wéi d'Madame Elvinger dat betount huet - duerch en automateschen Informatiounsaustausch tëschent Steierverwaltungen ersat. Dat bedeit fir e Belsch, deen e Spuerkont zu Lëtzebuerg huet, dass seng Zënserträg net méi zu 35% Quellesteier besteiert ginn, wou mir nach 75% un d'Belsch iwwerwisen hätten - 25% konnte mer halen -, mä déi ginn elo reng no dem belsche Steierrecht besteiert.

Folgend puer Remarquen zu dësem Gesetzesprojet:

Éischtens emol geet dat hei jo zréck op heroesch Diskussiounen op europäeschem Plang vun dem sougenannten „Sommet vu Feira" 2000 a Portugal. An ech muss soen, dass déi sukzessiv Regierungen, egal wat fir eng politesch Couleur se haten, et fäerdegbruecht hunn, zu Lëtzebuerg dach eng iwwerméisseg laang Iwwergangsphas ze schafen, wat awer am Interessi vun der Banken- a Finanzplaz et erlaabt huet, dass déi ganz Zeen sech konnt besonnesch um Niveau vun dem Private banking ëmorientéieren, a wat och vill Aarbechtsplazen erhalen huet an och eng ganz Rei vu Steierrecetten.

Här President, den effektive Steierverloscht, dee mer als Land hei hunn, beleeft sech op 47 Milliounen Euro; esou gëtt en ageschat. Jo, jo, als manner Recette, well, wéi gesot, de Stat net méi déi 25% kann zréckhalen.

Laut enger Note vum Statec - an dat muss een awer och a Betruecht zéien -, déi de Statec den

1. Abrëll gemaach huet, kënnt awer nach zousätzlech e Verloscht vun der Wirtschaftsleeschtung vun der Finanzplaz vu geschate ronn 5% derbäi. An de Statec huet deemools den 1. Abrëll och eng potenziell Perte vun Aarbechtsplaze vun 100 bis 1.200 mat aberechent.

An deem Kontext, Här Finanzminister an Här President, freet d'CSV-Fraktioun de Finanzminister, wat seng Aschätzung op haut ka sinn - dat ass keng Science exacte - vun der Perte, déi mer um Niveau vun der Wirtschaftsleeschtung hunn, an awer och vun den Aarbechtsplazen, déi direkt oder indirekt mat dësem Gesetz eventuell verluer ginn. An an deem Sënn froe mer och, wat fir eng Moossnamen dann um Niveau vum Erhalt vun dësen Aarbechtsplazen gemaach ginn, notamment am Kontext vun dem Plan de maintien dans l'emploi.

Zweetens kënnt et hei zu engem generellen Informatiounsaustausch. Deen ass natierlech och mat engem administrativen Opwand verbonnen um Niveau vun eiser Steierverwaltung.

An an deem Sënn wollte mer de Finanzminister froen, vu dass d'Fiche financière, déi bei dem Gesetzesprojet bäiläit, dat net spécifiéiert, wat dee geschate finanziellen Opwand ass en termes vun zousätzlechem Personal, wat eventuell muss agestallt ginn.

An da wollte mer lech och froen, Dir hutt um Niveau vun der Lutte géint d'Fraude fiscale dat an Ärem Spuerpak chiffréiert, wou Der gesot hutt: „Wa mer méi Leit astellen, kënne mer méi géint d'Fraude fiscale ënnerhuelen, an dat ass och eng supplementar Recette fir de Stat", do wollte mer lech froen, ob déi zousätzlech Astellungen eventuell an deene Spuermoossnamen dra wieren.

An déi drëtt Fro - ech kommen och schonn zum Schluss -, déi awer fir mech déi wichtegst ass, dat ass folgend: Mir hu mat deem neie Gesetz, wann dat a Kraaft trëtt, eigentlech um Niveau vun dem Bankgeheimnis zwee Systemer. D'Bankgeheimnis, wéi gesot, fir d'Netrésidenten, dat ass vun haut den Owend un net méi do. Mä d'Bankgeheimnis spillt awer nach fir Leit, déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, och wann ee muss d'Amerikaner ausschléissen, well déi falen ënnert d'FATCA-Bestëmmungen. Fir e Lëtzebuerger, deen Zënserträg huet bei enger grousser Lëtzebuerger Bank - der Spuerkeess, der Raiffeisen-Keess oder aneren -, dee bezilt op deenen Zënsen, déi e kritt, eng Quellesteier vun 10%. Déi gëtt ofgefouert. An d'Bank ass domadder hiren Obligatiounen nokomm, an direkt gëtt och de Fisc net gewuer, wat déi Zënserträg sinn, déi de betreffende Contribuablen huet.

Dat ass aneschters bei engem Netrésident. An do stellt sech awer déi Fro, an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi wërft se och an hirem Avis op, ob et net hei zu engem eventuelle Régime discriminatoire kéint kommen.

Et ass richteg, dass d'Steiermatière eng reng national Législatioun ass. Mä d'Gefor schéngt awer ze sinn, dass, wa mir d'Bankgeheimnis fir d'Netrésidenten ofschafen, et bleift awer weiderhi bestoe fir d'Lëtzebuerger,…

Une voix.- Fir d'Résidenten!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- …dass da fir…

Jein! En amerikanesche Résident, deen zu Ettelbréck wunnt, deem seng Zënserträg ginn iwwert de FATCA-Accord un déi amerikanesch Steierautoritéite gemellt. Duerfir kann een net all Résident huelen, well zum Beispill d'Amerikaner spillen net méi. Ech soen et vereinfacht: fir d'Lëtzebuerger. D'Lëtzebuerger bezuele weiderhin eng Quellesteier vun 10% op hiren Zënserträg an hiert reellt Akommes gëtt eigentlech net un de Fisc gemellt.

De Punkt ass also dee vun enger méiglecher Diskriminatioun, engem Drock op eist internt Bankgeheimnis fir d'Lëtzebuerger. Dat ass net ze verkennen.

A mir wéilten eigentlech, Här Finanzminister, vun der Regierung wëssen, ob Dir am Numm vun der Regierung kloer bekräftegt, dass Dir zu der Quellesteier op den Zënserträg vun de Lëtzebuerger weider stitt, dass Der wëllt d'Bankgeheimnis vun de Lëtzebuerger weider bestoe loossen.

Mir als CSV soen op jidde Fall haut kloer an däitlech, dass mir wëllen, dass d'Quellesteier fir d'Lëtzebuerger op den Zënserträg weiderhin an där Form besteet, wéi se de Moment a Kraaft ass. A mir stinn och zu dem Bankgeheimnis.

Mat deene Remarquë wëll ech awer selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ginn, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Roth. Den nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech géif och gären der Madame Elvinger villmools Merci soe fir hire Rapport, dee ganz komplett ass, och mengem Virriedner Merci soe fir seng Ausféierungen, déi och interessant a komplett waren. Dat erlaabt mer, mech kuerzzehalen.

Et ass schonn, wéi de Gilles Roth sot, e bëssen e spezielle Moment, well et u sech en historesche Moment ass. Mir sinn amgaangen, ewechzekomme vun deem System vu Feira, duerch dee mer u sech mat där Quellesteier, déi mer deemools an deem Accord vun 2000 jo zougestane kruten, et fäerdegbruecht hunn, d'Bankgeheimnis deemools ze retten. An dat ass dat, wat mer haut opginn. An ech fannen et schonn e bësse cocasse, dass mer dat, wéi Der sot, an engem Basismodell maachen a souzesoen zu spéider Stonn - e bësse schimmeg scho bal - dat Bankgeheimnis hei fir Netrésidenten u sech bal hei begruewen an der Chamber.

Et ass e spezielle Moment. Ech ka mech gutt erënneren - ech war deemools e jonken Affekot, Ufank 2000 -, dass dat eng Diskussioun war op der Bankeplaz. Dat war deemools och kee populären Accord. Et war deemools och d'Angscht op der Finanzplaz, dass d'Bankeplaz géif zesummebriechen, dass géife ganz vill Affäre verluer ginn, vill Aarbechtsplazen, dass haaptsächlech d'Banque privée géif schwéiere Schued dovunnerdroen.

Ech mengen, et muss een haut awer gesinn, dass dat alles net esou agetratt ass an dass d'Bankeplaz, Dir hutt et gesot, laang Zäit hat, fir sech drop ze preparéieren. Si konnt hire Modell änneren. Et huet ee schonn deemools Ufank den 2000er gesinn, wou dat Ganzt géif higoen: op ëmmer méi Transparenz, op ëmmer méi Échange vun Informatioun. An dat ass do, wou mer elo haut ukomm sinn.

D'Bankeplaz ass eng aner. D'Bankeplaz, dat ass och an där viregter Debatt schonn ugeklongen, muss sech op méi Transparenz astellen. Mir hate gëschter en Échange an der Cofibu mat der CSFF, wou et ersiichtlech ginn ass, dass d'Bankeplaz, haaptsächlech och an der Banque privée, amgaangen ass, sech ze änneren. Et ass gesot ginn, dass en surface, wat elo den Total vun den Avoiren ugeet vun de Banken, net vill Verännerunge sinn. Dat heescht, de Volume ass ëmmer nach deeselwechten. Mä, wann een drënner kuckt, bei de Fluxen, déi do stattfannen, esou huet een do relativ grouss Changementer.

Dat heescht, mir hunn eng Plaz, déi amgaangen ass, ewechzegoe vun deem traditionelle Modell, deem traditionelle Geschäft vum „dentiste belge" kann een en nennen, vun deene klengen a moyennë Fortunnen hin zu méi grousse Fortunnen, zu engem anere Geschäftsmodell, méi international ausgeriicht, op aner Clienten, wat och e radikale Changement ass fir eis Banken. Dat ass en anert Geschäft. Dofir brauch een aner Leit. Dofir brauch een aner professionell Habilitéiten. An dat ass do, wou mer amgaange sinn hinzegoen.

Voilà, ech mengen, wat déi Fro ugeet vun de Recetten, déi de Gilles Roth opgeworf huet, dat ass, fannen ech, eng interessant Fro. Et ass gëschter och gesot gi vun der CSFF, dass si der Meenung sinn, dass dee Konsolidatiounsmouvement scho bal fäerdeg ass. Dat heescht, si sinn der Meenung, dass, och wat d'Aarbechtsplazen ugeet, een elo am Fong um Enn - viraussiichtlech um Enn - ass vun enger Evolutioun. Dat heescht, dass elo net méi schrecklech vill Aarbechtsplazen ewechbriechen. De Volume d'affaires, d'Recetten, schéngen och stabiliséiert ze sinn, soudass ee vun deem Point de vue, opgrond vun deem, wat d'CSFF op d'mannst gëschter sot, awer raisonnablement optimistesch ka sinn.

Voilà, dat gesot, mengen ech, géif ech hei ophalen an ech géif den Accord och vu menger Fraktioun fir dëse Projet de loi abréngen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. Nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech ginn och am Numm vun der grénger Fraktioun en häerzleche Merci un d'Madame Elvinger fir hire schréftlechen, mä virun allem fir hire ganz verständleche mëndleche Rapport.

Mir sinn net gradesou mat „strong feelings" beschäftegt, wat de Modèle de base oder och déi spéit Stonn elo hei ubelaangt, well et muss een awer éierlecherweis soen, datt dat, wat mer haut stëmmen, awer eppes ass, wat schonn ausdiskutéiert ginn ass, wat laang gewosst ass, wat och d'Aktualitéit scho gefëllt hat viru geraumer Zäit, nämlech dunn, wéi dat, wat haut elo formell décidéiert gëtt, och schonn annoncéiert gi war.

An, wéi mäi Virgänger et och scho gesot huet, d'Bankeplaz huet net op sech waarde gelooss, fir sech ze adaptéieren un eben d'Ewechfale vum Bankgeheimnis fir Netrésidenten. Dat ass scho geschitt. Déi Déplacementer vun der Offer, déi Déplacementer vun de Qualifikatiounen, vun de Kompetenze vun deene Leit, déi dora schaffen, hu sech scho gemaach. A wat mir hei elo am Fong geholl den Owend stëmmen, ass u sech praktesch eng Finalisatioun, eng Vollbréngung, jo, e Schluss ënnert deem ganze Wandel, deen hei zu Lëtzebuerg geschitt ass.

Ech géif awer nach gären derbäifügen, datt contrairement zu deem, wat vu verschiddene Leit annoncéiert ginn ass - dat Lach, wou mer erafalen, dee Chaos, an dee mer erageroden, well elo déi ganz Bankeplaze hei ënnergeet an d'Lëtzebuerger Land vläicht och mat -, datt dat iwwerhaapt net geschitt ass, bien au contraire. Dat hei ass jo och, dat muss ee jo och soen, e weidere Schrëtt a Saachen Transparenz a propper Finanzplaz, zumindest transparent Finanzplaz.

Et geschitt eis kee gréissere Malheur dobäi. Au contraire, et ass einfach eng Evolutioun oder eng Adaptatioun oder eng Emännerung, eng nei Visioun. A mir kënnen dat just nëmmen ënnersträichen. Mir sinn och confiant fir all déi weider Schrëtt, déi wäerten an dës Richtung geschéien.

An domadder ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madame Loschetter. Nächste Riedner ass de Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och vun eiser Säit aus der Kolleegin Joëlle Elvinger e Merci fir dee gudde Rapport, dee se gemaach huet. Ech mengen, haut kann ee soen: 14 Joer no Feira kënnt de Schluss vun enger laanger Etapp. Verschidde Leit aus de verschiddene Parteien hunn am Fong deemools, wéi mer den Accord vu Feira hei diskutéiert hunn, gesot, datt dat, wat mer haut hei stëmmen, d'Enn vu Feira wier. Déi Leit, déi dat deemools gesot hunn, déi hunn also an hirer Viraussiicht recht behalen.

Schrack fir Schrack, iwwert déi verschidden Ëmsetzunge vun den Direktive respektiv Ofännerungen hu mer d'Bankgeheimnis opginn, dat iwwert den Informatiounsaustausch op Ufro, d'Aféierung vun der Quellesteier - net nëmme fir Résidenten, mä virun allem fir d'Netrésidenten, woubäi mer, wéi mäi Virriedner oder d'Virriedner et scho gesot hunn, awer als Stat nach ronn, an där heiteger Situatioun, op déi heiteg Zäit, 47 Milliounen d'Joer kritt hu respektiv elo net méi wäerte kréien, déi ee Véirel ausgemaach hu vun där Quellesteier, déi Netrésidenten hei zu Lëtzebuerg bezuelt hunn -, bis dann eben haut hin zum automateschen Informatiounsaustausch.

Sécherlech hunn an deene leschte 15, 20 Joer, géif ech souguer soen, d'Mentalitéite gewiesselt. D'Bankgeheimnis war hei zu Lëtzebuerg ëmmer eppes wéi eng - géif ech soen - helleg Kou, wat quasi parteiiwwergräifend verdeedegt ginn ass an eben als ee vun deene Punkten intouchable war, wa mer iwwer eis Finanzplaz hei zu Lëtzebuerg geschwat hunn.

Et waren am Fong déi gréng Kolleegen, muss ee fairerweis soen, déi als Éischt heibannen derfir geschwat hunn, datt een net kéint längerfristeg un deem Bankgeheimnis festhalen. Mä all déi aner Parteien heibannen hunn am Fong dat Bankgeheimnis als dat dohinnergestallt, wat mer onbedéngt missten hunn, an et ass verteidegt ginn. An duerfir si jo och iwwert déi ganz Etappen déi Accorden…

Ech gesinn, de Kolleeg vun deene Lénken do hanne laacht. Ech muss soen, dat, wat déi gréng gesot hunn, hunn och déi Lénk gesot. Fairerweis muss ech dat awer derbäisoen. Entschëllegt, datt ech lech elo do vergiess hunn!

Mä ech mengen, dee Mentalitéitswiessel, dee stattfonnt huet, deen huet virun allem och stattfonnt, well mer an deene leschten zéng Joer net déi mannste Krise weltwäit haten. An ech mengen, dat, wat mer fréier hei als Lëtzebuerger als Bankgeheimnis ëmmer verkaaft a verdeedegt hunn, war no där Situatioun, wéi mer se weltwäit erlieft hunn, schwéier weiderhin ze vermëttelen: datt mir e Land wieren, wat op säi Bankgeheimnis géif pochen an domadder Leit erméiglechen, datt se Steieren, déi se missten an hire Länner bezuelen, net bräichten ze bezuelen, well mir ebe Strukturen hätten, déi dat ze ëmgoen erméiglechen.

Dat war natierlech eng Situatioun, déi mir, loosse mer dat kloer soen, virun 10, 20 Joer als eng Normalitéit politesch hei zu Lëtzebuerg vertrueden hunn. A mat der Zäit ass dee Mentalitéitswiessel komm, wou mer soen: Dat ass haut net méi ze vertrieden. An duerfir ass dee Wee, fir eben dat Bankgeheimnis opzeginn, säi Wee gaangen.

Mä mat wat mir als Partei e Problem hunn, dat ass, datt mer ëmmer hei an der Chamber gesot hunn: Mir si bereet, dee Wee ze goen, awer ënnert der Konditioun, datt et fir jiddwereen ass. Duerfir hu mer eis ëmmer op d'OECD-Standarde baséiert a mir hu gesot: Wann dat iwwerall geschitt, och op deene Plazen, déi eis Konkurrente sinn, da kann een dee Wee goen. An et ass dat, wat mer am Fong elo hei un dësem Projet kritiséieren: datt d'Regierung um Sommet d'lescht Joer am Dezember a méi konkret um Sommet vum März dëst Joer am Fong hei zougestëmmt huet opgrond vun enger Promesse! Opgrond vun enger Promesse, datt dat, wat mir elo hei op europäeschem Niveau maachen, och spéiderhi géif op deem aneren Niveau, op dem internationalen Niveau, realiséiert ginn.

An do menge mir, datt Europa e falscht Signal gesat huet. Et huet wuel vläicht e Signal gesat, dat seet: Hei, mir als Europäer hunn als Éischt definitiv dee Schrack do gemaach! Mä op där anerer Säit hu mer awer en Drockmëttel vis-à-vis vun deenen aneren aus der Hand ginn, well mir et elo schonn am Fong duerchsetzen, realiséiert hunn, an déi aner hunn et nach net realiséiert. Mir hätte léiwer gesinn, datt déi Promesse eppes Konkretes gewiescht wier, oder mir hätte gesot: Ma da waarde mer, bis et op deem Niveau geschitt an da maache mer et generell alleguer zesummen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- An duerfir, mengen ech, huet Lëtzebuerg, dës Regierung am Fong dee Prinzip, deen ëmmer an deene leschte Joren hei vertrueden a verteidegt ginn ass, datt mer nëmme géifen dee Wee goen, wann et iwwerall géif geschéien, dee Wee hu mer verlooss, wat mir bedaueren. Ech mengen, mir hunn do eng Promesse akzeptéiert, bei där keen, mengen ech, eis d'Garantie gëtt, wéini datt dann déi Promesse do ageléist gëtt a wéi se ageléist gëtt!

An aus där Ursaach, Här President, wäerte mir géint dëse Projet stëmmen, obscho mer mat der Ausriichtung averstane sinn.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Gibéryen. An als leschte Riedner ass den Här Justin Turpel ageschriwwen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Et ass jo da kee Geheimnis, datt mir soen: Endlech gëtt hei e Steierschlupflach zwësche Staten zougestoppt, an datt mir dowéinst och derfir stëmmen.

Et muss een awer trotzdeem och soen, datt hei nach vill Lächer dra bleiwen. Éischtens fir Résidenten - dat ass scho gesot ginn -, déi weiderhi just 10% op den Zënserträg bezuelen, obschonn hir Situatioun vläicht géif erginn, datt se mat enger normaler Steierprogressivitéit méi misste bezuelen, wahrscheinlech souguer 40%, a wann de Spëtzesteiersaz eropgesat gëtt, wéi d'LSAP a mir dat fuerderen, vläicht souguer nach méi.

Mä awer net nëmmen d'Résidenten; et sinn eng ganz Rei Produiten, déi hei net mat dra sinn. Ech hat an der Finanzkommissioun eng Kéier en Tableau gefrot, deen déi verschidden Directives „fiscalité-épargne" mat den OECD-Norme verglach huet. A wann ee sech deen Tableau ukuckt, dee ganz sënnvoll ass - dofir war ech och frou, datt de Ministère eis deen zur Verfügung gestallt huet -, da gesäit een, datt souwuel bei dëser Direktiv wéi och bei där nächster Direktiv, déi jo elo kënnt, wann déi nei Norm, déi OECD-Norm ëmgesat gëtt, nach ganz vill Produiten net dra sinn an och ganz vill Établissementer ausgeschloss sinn, datt eigentlech dee ganze Fonds de commerce vun der Lëtzebuerger Bankeplaz net direkt betraff ass.

Et muss een och drop hiweisen, datt, wann d'Bankeplaz sech ugepasst huet, dat awer net ouni Risikoen ass an datt mer zu Lëtzebuerg ganz grouss Risikoe lafen hunn, wat d'Reorientéierung vun der Bankeplaz ugeet, souwuel wat d'Usammele vu grousse Verméigen ugeet, wéi och wat d'Risikoen ugeet, déi mat verschiddene Produite verbonne sinn.

An ouni elo wëllen hei weider dorobber anzegoen, muss ee mindestens awer och soen - an ech sinn och frou, datt den Deputéierte Franz Fayot gëschter an der Kommissioun mat der CSSF och déi Froe gestallt huet -, muss een awer soen, datt, wat d'Stresstester ugeet, een awer och net nëmme ka soen, datt domadder alles an der Rei ass. 5,5% Eegekapital par rapport zu den Engagementer vun de Banken ass u sech eigentlech scho wéineg. A grouss Banken, déi wäerten, wann et kraacht, awer musse

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

gehollef kréien an dat net packen. An et fält erëm eng Kéier op d'Steierzueler zréck.

Mä dat, wat virun allem och beonrouegt, dat sinn d'„Shadow-Banken". Dat heescht, an de Stresstester sinn eigentlech just d'Banke gekuckt ginn. An dat, wat se ausgelagert hunn a sougenannten „Schattenbanken", ass iwwerhaapt net considéréiert. A wann d'Informatioune korrekt sinn, esou wéi ech et zumindest verstanen hunn, ass d'Ausmooss vun deem, wat zu Lëtzebuerg ausserhalb vun den offizielle Bilanen an „Schattenbanken" draläit, relativ héich.

An et wier, mengen ech, interessant, fir eng Kéier emol eng seriö Debatt doriwwer ze féieren, iwwert d'Geforen, déi op der Finanzplaz Lëtzebuerg leien, wat ee kommende Crash ugeet, dee sech aus der Spekulatiounskris ergëtt, wéi eng Konsequenzen datt dat hätt, ënner anerem och ganz spezifesch zu Lëtzebuerg. An ech géif mech freeën, wa mer eng Kéier esou eng Debatt hei géife féieren.

Dat gesot, stëmme mir fir déi zwar duerchlächert Stoppung vun engem Schlupf-, vun engem Steierlach. Mä mir wäerte sécher nach méi dacks mussen op déi Problematik do zréckkommen.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet den Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir dës Debatt, déi effektiv vläicht net déi Begeeschterung kritt, déi ee sech hätt kënnen erwaarden no esou enger laanger Attente, kann ee bal soen. Lëtzebuerg huet sech an där Saach laang geschloen.

Et ass vu Feira geschwat ginn, Mëtt der 90er Joren. Mä en fait ass déi ganz Debatt schonn Enn vun den 80er Joren ugaangen, wéi eng Retenue à la source hätt solle schonn agefouert ginn a Lëtzebuerg sech do geschloen huet. Dat heescht, et ass also eng ganz Generatioun vu Responsabele vun der Politik, déi sech hei am Intérêt vum Land geschloen huet. Mä d'Zäiten ännere sech. A si ännere sech en fait elo relativ séier.

Mir haten also - mir hunn och nach, bis dass dat hei Gesetz gestëmmt ass a bis Enn Dezember - e System hei zu Lëtzebuerg vun der Retenue à la source, deen eng Ausnahm war par rapport zum Échange automatique vun den Informatiounen, deen 2003 agefouert ginn ass. Dräi Länner haten dat: d'Belsch, Éisträich a Lëtzebuerg. An en fait ass dee System e ganz gudde gewiescht. Mä et ass awer net dee System, deen d'Iwwerhand behalen huet. En hat eng ganz Rëtsch Virdeeler. E war automatesch an en huet eis och Revenuen abruecht, well mer déi jo erakollektéiert hunn, an et ass och richtegerweis ënnerstrach ginn, dass mer déi Revenue jo da vum nächste Joer u wäerte verléieren.

D'Evolutioun ass séier gaangen, an ech géif gär der Madame Joëlle Elvinger Merci soe fir hire Rapport, si huet dat richteg ënnerstrach, dass d'Zäite sech geännert hunn. An zwar ass dat scho vun der viregter Regierung erkannt ginn. Ech wëll hei rappeléieren, dass de viregte Premierminister Jean-Claude Juncker op dëser Tribün am Abrëll am État de la Nation vum leschte Joer jo déi Annonce gemaach hat, dass déi viregt Regierung géif a Richtung vum Échange automatique goen.

An ech wëll hei ënnersträichen, dass déi heite Regierung an der Continuitéit hei gehandelt huet. Ech géif soen: an der Continuitéit, mä awer och an der Accélératioun! An déi Accélératioun, mengen ech, ass op zwou Saachen zréckzeféieren: éischtens, mengen ech, eng Prise de conscience vun der neier Regierung, dass een do muss méi séier maachen, an zweetens, well d'Evenementer sech awer iwwerschloen hunn!

Wien hätt da geduecht, dass am Laf vun dësem Joer d'OCDE an de G20 sech géifen op eng nei Norme mondiale eens ginn, en neie Standard fir den Échange d'informations, deen am Laf vun dësem Joer jo dann eng Weltnorm gëtt? An domat fält eng vun den Haaptkriticken, déi Lëtzebuerg ëmmer gemaach huet zum System vum Échange d'informations. An déi Haaptkritik war: Och wa mir dat op europäeschem Niveau maachen, da si mir benodeelegt par rapport zum Rescht vun der Welt. A mir sinn eng Finanzplaz, déi net nëmmen an Europa schafft, mä an der ganzer Welt. Wann also Europa Pionéieraarbecht mécht, da kann dat au détriment vun der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz sinn. An dat wollte mer net.

Haut ass d'Saach anescht. Wéi schonn haut erwähnt ginn ass, hu mer zu Berlin och als Lëtzebuerg ënnerschriwwen, fir op den 1. Januar 2017 en Échange automatique d'informations ze maachen, dee méi wäit geet wéi dat, wat déi heiten Direktiv virgesäit, soudass déi heiten Direktiv en fait eng Zwëschenetapp ass.

An et ass awer gutt, dass mer dat da maachen an ech insistéieren drop, dass dat dann an der Continuitéit gemaach gëtt an am Intérêt vun der Finanzplaz, esou dass och dann d'Banken an d'Acteure vun der Finanzplaz Zäit haten, fir sech dorop anzestellen. Säit dem leschten Abrëll - vun 2013 - sinn also 18 Méint vergaangen, bis elo déi Introductioun hei vum Échange automatique kënnt. A mir wëssen, dass d'Banke sech och ajustéiert hunn!

Et si mer Froe gestallt ginn: Wéi gesäit et aus op der Finanzplaz? Ech kann et esou résuméieren: D'Zuel vun den Aarbechtsplazen ass relativ stabel bliwwen op deene leschte Méint a souguer Joren. Mir hunn ongefëier 44.000 Aarbechtsplazen, déi Leit, déi hei op der Finanzplaz täteg sinn. Wéi gesot: Tendenz stabel, liicht no uewen.

Wéi ass et mat den Dépôten? D'Dépôte sinn och relativ stabel op deene leschte Jore bliwwen. Dat ass u sech an dëse schwieregen Zäiten eng gutt Noriicht. Mä wann een e bëssen ënnert der Surface kraazt, mierkt een, dass effektiv d'Composanteën, also d'Clienten, déi sech ënnert dem Total verstoppen, anerer sinn. Mir hu vill kleng Clienten, déi fort ginn, a mir hu manner Clienten, déi kommen, mä dat si vill méi räicher. A mir hunn ëmmer méi Clienten, déi ausserhalb vun Europa kommen, par rapport zu enger Tendenz, déi typesch war fir Lëtzebuerg, dat eng ganz europäesch orientéiert Plaz war. Wat och explizéiert, dass mer an eisen Efforte vun der Diversifikatioun och mussen an de Mëttleren Orient, an Asien an a Südamerika goen, well do an deene Länner e grousse Potenzial ass an och do vill Räichtum erwirtschaft gëtt, deen natierlech nei Placementer sicht.

Fir och nach op e puer aner Froen ze äntweren: Mir hunn e Renforcement virgesi vun der Administration des Contributions vun 20 Leit fir d'nächst Joer. Dat ass eng Nouveautéit, well déi Administratioun brauch Leit, ass laang net verstäerkt ginn. An een Deel vun deene Leit wäert natierlech och op den Échange automatique mobiliséiert ginn.

Mir wäerten och d'Lutte contre la fraude fiscale intensivéieren. Dat hu mer och annoncéiert. Dat ass och an deem Renforcement vun der Administratioun mat virgesinn. A wat mer eis dovunner erwaarden, ass och am Zukunftspak chiffréiert.

Leschte Punkt, deen, mengen ech, och all Mënsch interesséiert, ass folgenden: dee vum Secret bancaire an d'Applikatioun vum Secret bancaire hei fir d'Résidenten. Et ass also net nëmme fir d'Lëtzebuerger, mä fir d'Résidente bleift de Secret bancaire bestoen. An ech mengen, domat hätt ech d'Froen all beäntwert an ech freeë mech, dass...

(Interruption)

Wat gelift?

M. Gilles Roth *(CSV).-* D'Quellesteier, loosst Der déi bei 10% iwwert déi nächst véier Joer?

M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances.-* Jo, déi loosse mer och bei 10% bestoen. Dann halen ech hei mat enger ganz gudder Noriicht op an da soen ech all deenen, déi de Projet de loi ënnerstëtzen: Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Finanzminister. A wéi virdrun ugekënnegt, wäerte mer muer um Ufank vun der Sëtzung iwwert deen heite Projet ofstëmmen.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem heitegen Ordre du jour, dat ass de Projet 6706, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Verméigenssteier. D'Riedezäit ass nom Basismodell fixéiert an elo direkt huet d'Wuert d'Joëlle Elvinger als Rapportrice.

15. 6706 - Projet de loi portant modification
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'impôt sur la fortune;
- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;
- de la loi modifiée du 22 décembre 1951 portant prorogation du délai de prescription de certains impôts directs et précision des conditions dans lesquelles les prescriptions fiscales peuvent être interrompues

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

Mme Joëlle Elvinger *(DP), rapportrice.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, iwwert deen ech lech op dëser Plaz kuerz schwätzen, ass de 17. Juli 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics an d'Chambre des Métiers hunn de proposéierte Gesetzestext den 13. Oktober analyséiert. An der Réunioun vun der Finanz- a Budgetskommissioun vum 21. Oktober sinn ech zum Rapporteur vun dësem Gesetzesprojet genannt ginn an de Statsrot huet op dësen Dag och säin Avis formuléiert. Den 3. November huet d'Kommissioun dësen Avis duerchgekuckt an de schréftleche Rapport ugeholl.

Här President, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer hei diskutéieren, gesäit eng technesch Adaptatioun vir, dat am Steierberäich. Méi genau geet et drëms, dass d'Verméigenssteier fir Gesellschaften all Joer, an net wéi bis elo all dräi Joer, festgeluecht gëtt. Ech wëll och drun erënneren, dass Privatpersoune scho säit 2006 keng Verméigenssteier méi bezuelen. Dëse Gesetzesprojet vun haut den Owend betrëfft dës Leit also net.

Dës Adaptatioun um modifizéierte Gesetz iwwert den Impôt sur la fortune vum 16. Oktober 1934 ass aus zweeërlee Grënn wënschenswäert. Éischtens, wann ab dem nächste Joer d'Deklaratioun vun dëse Steieren op déi elektronesch Aart a Weis oflafe wäert, ass et aus informatesche Grënn méi einfach, d'Festleeë vun der Impositioun op all Joer ze fixéieren.

Zweetens ass den aktuelle System éischter komplizéiert fir d'Administratiounen. D'Gesetz vun 1934 gesäit vir, dass den Impôt sur la fortune par assiette générale all dräi Joer festgeluecht gëtt. Sollt d'Betribsverméige sech awer an dësen dräi Joer iwwer eng bestëmmte Limite, dat heescht 20%, vergréisseren oder verklengeren, da muss d'Base vun der Steier trotzdeem nei festgeluecht ginn. Um Terrain bedeit dëst, dass d'Verwaltungen awer all Joer préiwe mussen, ob esou eng Neiberechnung néideg ass oder net.

Well d'Ophiewe vun der Verméigenssteier awer och mam modifizéierte Gesetz iwwert d'Evaluatioun vum Verméige vum 16. Oktober 1934 zesummenhänkt, ginn och hei e puer Adaptatioune fälleg, dëst fir d'Kohärenz tëschent deenen zwee Gesetzer ze erhalen. Och gëtt den néidegen Iwwergangsmesurë Rechnung gedroen.

E puer kleng technesch Ännerungen un zwee anere weidere Gesetzer sinn ebenfalls virgesinn.

Här President, och wann dëse Gesetzesprojet méi eng limitéiert politesch Envergure huet wéi déi aner Projeten, déi mer de Mëtteg diskutéiert hunn, weist e ganz gutt, dass et och heiansdo néideg ass, technesch Upassungen u Gesetzer ze ënnerhuelen. Dëst ass besonnesch de Fall, wann et ëm d'Simplification administrative geet. Iwwert dëse Wee gëtt eise Stat méi effizient, soudass d'Administratiounen hir Aarbecht gutt a schnell erleedege kënnen.

Ech wëll och hei dem Finanzminister a senge Mataarbechter souwéi och dem Direkter vun der Steierverwaltung Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun. An ech ginn och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och der Madame Elvinger. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV).-* Merci, Här President. Ech soen nach eng Kéier der Madame Elvinger Merci fir hire schréftlechen a mëndleche Bericht. Et geet hei, wéi gesot, ëm eng technesch Adaptatioun vun der Bewäertung vun der Bemiessungsgrondlag vun der Verméigenssteier. Et ass u sech eng administrativ Vereinfachung, an där stëmmt d'CSV selbstverständlech zou.

Just eng grondsätzlech Bemierkung: Et ass richteg, d'Verméigenssteier gëtt zënter dem 1. Januar 2006 nach just vun de Betriber bezuelt. An dat sinn awer, dat soll een och emol eng Kéier kloer an däitlech soen, ronn 285 Milliounen Euro pro Joer! An an deene pauschale Géintiwwerstellungen, déi gemaach ginn ëmmer tëschent deem, wat d'Privatpersoune bezuelen an d'Betriber, do gëtt dat oft vergiess, well do gëtt ëmmer nëmme just d'Kierperschaftssteier geholl. Or, zu der Kierperschaftssteier gëtt och nach zousätzlech, Här Turpel, d'Gewerbesteier bezuelt, et gëtt Kapital-, Ertragssteier bezuelt. Dat ass och nach, well d'Dividende ginn haaptsächlech vun den Entreprisë bezuelt. An et kënnt, wéi gesot, och nach déi heite Verméigenssteier derbäi.

D'Verméigenssteier fir Privatpersounen, déi gouf 2005 mat engem Gesetz ofgeschaaft. An der Konterpartie ass eben d'Quellesteier agefouert ginn op den Zënserträg. An d'Ursaache waren der eigentlech zwou: Well mat dem Bankgeheimnis war et, éischtens, ganz schwéier, fir déi Verméigenssteier richteg ze ermëttelen. Wat d'Leit deklaréiert hunn, dat hu se deklaréiert. Wat se net deklaréiert hunn, war heiansdo schwéier novollzéibar.

An zweetens - an dat däerf een awer net vergiessen -, et ass och e rechtlecht Argument, wat do spillt, well d'Verméigenssteier, déi ass duerch déi däitsch Besatzung agefouert ginn. An dat geet also nach, d'Bewäertungen, op 1941 zréck, op eng däischter Zäit an der Geschicht vun eisem Land. An d'Bewäertungen, déi 1941 gemaach goufen, déi sinn haut net méi richteg, well en Haus um Belair oder um Lampertsbierg anno 1941, mengen ech, dat hat e ganz anere Wäert wéi haut.

De Rapport tëschent enger Propriétéit, ech kucken elo zu Bascharage, Bartreng, Mamer, par rapport zu där, wéi et an der Stad war, dee Rapport 1941, dat war e ganz anere wéi en haut ass. An duerfir kann een och, menger Ansicht no, net einfach higoen, wann een d'Verméigenssteier eng Kéier wëllt upassen, dass een einfach seet: „Ma mir setzen e Multiplikator an", well da vergréissert een eigentlech déi Diskrepanz, déi besteet tëschent deenen eenzelne Grondwäerter.

An deem Kontext, Här Finanzminister, wollt ech lech froen: An dem Wahlprogramm vun de Sozialisten - ech hunn e leider net méi a mengen Ënnerlage gehat, mä et war esou...

(Brouhaha)

Jo, well et ass ugaangen:...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).-* Liest de Regierungsprogramm!

M. Gilles Roth *(CSV).-* „Die LSAP wird dafür Sorge tragen", wéi dat bei eis an de kathoulesche Kreesser heescht, „Sorge tragen", dass d'Verméigenssteier op Privatpersounen,